



N° 4223
Reçue le 05.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.05.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

An Däitschland huet de Bundesinneminister dës Woch d'Statistike vum Bundeskriminalamt (BKA) iwwert politesch motivéiert Strofdote virgestallt. Deemno gouf 2020 een neien Héchststand arescht bei de Strofdoten aus dem rietse Spektrum. 44692 Strofdote goufe vun der Police festgehalten, 23604 dovun riets motivéiert an 10971 lenks. Et goufe méi Strofdote mat antisemiteschem (+15,7%) an auslännerfeindlechen Hannergrond (+72,4%) festgestallt. De BKA stellt fest, dass virun allem am Beräich Digitalisatioun muss geschafft ginn. Esou mussen besser Systemer geschafft ginn, fir mat digitale Spueren ëmzegoen, sou de President vum BKA.

Och den Haass am Netz, géigeniwwer privat Persounen awer och géigeniwwer Mandatsdréier, gëtt zu engem ëmmer méi grouss Problem. An engem rezente Lëtzebuurger Land Artikel (30.04) erklären eng Réi Lëtzebuergesch Politiker, dass den Haass am Netz ee Grond fir si war, sozial Medien net (méi) ze notzen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung an dësem Kontext Zuelen zu de politesch motivéierte Strofdoten zu Lëtzebuerg 2020 nennen (opgeschlüsselt no politescher Richtung)?
Falls jo, wéi presentéieren sech dës Zuele par Rapport zu de Joren 2019 an 2018?
2. A wéi ville Fäll, war d'Police 2020 mat Strofdote beschäftegt, déi ausschliisslech an engem digitale Kader stattfonnt hunn?
3. A wéi ville Fäll war d'Police 2020 mat Strofdote beschäftegt, déi sech deelweis an engem digitale Kader ofgespillt hunn?
4. Bei wéi ville Fäll huet d'Police 2020 op digital Beweiser zréck gegräff (an absolutten Zuelen an a Prozent) ?
5. Erkennt d'Regierung och zu Lëtzebuerg een Trend zu méi politesch motivéierte Strofdoten?



www.piraten.lu

6. Wéi vill Strofdoten, déi sech géint staatlech Ariichtungen, politesch Amts- a Mandatsdréier geriicht hunn, goufen an deene leschte 5 Joer festgestallt (opgeschlësselt no Joer) ?
7. Falls d'Regierung zu enger oder méi vun dëse Froen keng Ugabe ka maachen, well d'Donnéeë feelen, wéi gedenkt d'Regierung dës Lächer an der Datebank ze fëllen?
8. Wéi schätzt d'Regierung rietsextrem an auslännerfeindlech Tendenzen zu Lëtzebuerg an? Gesäit d'Regierung d'Gefor, dass extremistesch Tendenzen an Zukunft kéinten zouhuelen?
9. An Däitschland iwwerwaacht de Verfassungsschutz rietsextrem Aktivitéiten. Gëtt et eng änlech Kontroll zu Lëtzebuerg?
10. Klicksafe, eng däitsch Initiativ déi Internet-Notzer soll eng kompetent a kritesch Notzung vum Internet am Optrag vun der EU-Kommissioun ginn, huet schonn 2017 gewarnt, dass rietsextrem Gruppéierungen d'sozial Medien notzen, fir Haass am Netz ze verbreedden.

Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir d'Biergerinnen a Bierger iwwert rietsextrem Positiounen opzeklären an och ze schützen, dëst am Internet awer och ausserhalb?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

